Luxemburger Wort

Zwee Hollerecher dominéieren

Veterane-Meeschterschaften am Sportfëschen zou Enn

Lëtzebuerg. Déi lëtzebuergesch Landesmeeschterschaften am Sportfësche vun de Veterane sinn no sechs Manchen op en Enn gaangen. 29 Veteranen haten sech ugemellt, fir dëse Championnat ze fëschen.

An zwee Ausscheedungsfëschen zou Messancy hunn sech du missen neng Fëscher vu 14 qualifizéieren. 24 Konkurrente sinn bei der 1eschter Manche ugetrueden. Gefëscht gouf zou Messancy, Neufchâteau, Kinneksmaacher, Réimech a Champneuville op der Meuse. Et ass traureg, dass mer véier Mol mussen an d'Ausland goe, wëll mer zou Lëtzebuerg keng Gewässer hunn, fir esou een Championnat auszedroen. Nach just op der Musel ginn et zwou bis dräi Plazen, wou een 20 bis 30 Fëscher kann an eng Rei setzen. Fësch waren net ëmmer um Rendezvous an déi eng oder aner Kéier huet missen mat der Bréifwo ofgewie ginn. D'Spannung war awer grouss, well no der fënnefter Manche louch de Marc Haliniak nach ee Punkt virum Val Pletgen. Dee Leschtgenannten huet dunn awer bei der sechster Manche zou Réimech seng ganz Routine ausgefëscht an huet souverän gewonne mat neng Punkten an 18 140 Gramm viru sengem Clubkomerod Marc Haliniak (11/20 380) an dem Ben Telen (11/14 870). De Sektiounspresident Claude Paulus huet fir d'nächst Joer eng Reorganisatioun vum Championnat versprach. Marc Retter via mywort.lu

Luxemburger Wort vom Dienstag, 29. Oktober 2019, Seite 56